No6 / Dezember 07

INFO – BLAT

1933-2008
75 JOER AMICALE

Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique
Privé Emile Metz asbl

SCHÉI FEIERDEEG AN
E GUDDE RUTSCH 2008

Léif Mëmberen, léif Eiremëmberen.

Nees geet e Joër zu Enn.

Wéi schons am September geschriwwen stoung fir d'Amicale d'Joër 2007 am Zeechen vun der Préparatioun d'Préparatioun op 2008. Eis 75 Joër stin elo ganz no virun der Diir.

Do hu mir zwou Sachen a Préparatioun:

- En DVD,
- Eng Journée Anniversaire.

Fir den DVD ass de gréissten Deel gefilmt. Elo geet ët un d'Feinaarbecht wou mir am Moment dru schaffen.

D'Journée Anniversaire fällt an den Abrël 2008. Méi Détailer dozou get et op eiser Generalversammlung.

Am zweeten Deel vun eiser Année Anniversaire hu mir eng gréisser Visite iwer 2 Deeg geplangt. Méi Détailer dozou méi spéit op dëser Platz.

Awer elo schons alle Mëmberen an hire Familjen E schéine Chrëschtdag an e gudde Rutsch an d'Joër 2008.

Mir gesin eis den 18. Januar op der Generalversammlung.

DE COMITÉ

Ausbleck éischt Halschecht 2008

18. Januar 2008 Generalversammlung
De Programm ass an desem Courrier,
15. März 2008 Eischt Porte Ouverte,
D'Amicale ass vertrueden,
Abrëll 2008 Journée Anniversaire <75 Joër Amicale>
Zesumme feieren mir eisen Anniversaire a présenteiren eisen DVD
24. Mai 2008 Grouss Porte Ouvert am LTPEM
D'Amicale ass mat engem Stand vertrueden

An dëser Editioun

Editorial
Ausbleck éischt Halschecht 2008
Bericht Visite Einen am Oktober
Invitatioun Généralversammlung

13. Oktober 2007 Visite zou Éinen.

Eng 20 Interessente waren dobäi. Den Trëppeltour duerch Éinen huet 1 ½ Stonn gedauert, mais dëst war nett ze lang. An dem klengen a charmanten Wënzerdierfchen war villes ze entdecken an dat huet eis Guidin super fäerdeg bruecht (Iwwregens, wësst dir, datt zu Éinen eng eenzegaarteg ronn Kierch steet).
Duerno Wäiprouf an der Kellerei Kohll-Leuk. Mat dene néidegen Erklärungen, vum Wënzer perséinlech, wéi Lag vum Wéngert, Oechsle, Fudder pro ha, Saiergehalt asw kruute mir 12 verschidde Wäiner an ee Crémant ze schmaachen
An der Tourelle hu mer duerno mat groussem Appetit ee ganz gudde Maufel genoss.
Les absents avaient, une fois de plus, tort.

Wichteg !!! Cotisatioun 2008 !!!
Mir wieren frou wann dir eis Arbecht och 2008 geift ënnerstëtzen, dofir iwwerweist wegl,. d'Cotisatioun vun 7,00 € op ee vun dëse Konten:
CCPL IBAN LU65 1111 0233 3353 0000 **BILL LU39 0026 1010 1750 0000**
Merci.